
Lëtzebuerger
# duerf
fir e chrëschtlecht a sozialt Engagement

# Wëllkomm Monseigneur!

Den 12. Juli 2011 war fir d'kathoulesch Aktioun zu Lëtzebuerg en Dag vu grousser Freed. No laangem Waarden ass den Numm vum neien Erzbëschof vu Lëtzebuerg an der Persoun vum Mgr. Jean-Claude Hollerich proklaméiert ginn.

De Jean-Claude Hollerich gouf den 9. August 1958 zu Déifferdeng gebuer. Seng Kandheet a seng Primärschoulzäit huet hien zu Veianen verbruecht, seng Lycéesjoren zu Clairefontaine an zu Dikrech. 1978 ass hien an de Lëtzebuerger Séminaire agetrueden, duerno huet hien um Collegium Germanicum an un der Gregoriana zu Roum studéiert. Den 27. September 1981 ass hien dem Jesuitenuerden bäigetrueden. Säin Noviziat an dësem Uerden huet hien vun 1981 bis 1983 zu Wépion an der Belsch gemaach. Vun 1983 bis 1985 wor de Jean-Claude Hollerich an der Diözes Lëtzebuerg mat der JEC a mat Reliounsunterricht um Fieldgen betraut. Vun 1985 bis 1987 huet hien zu Tokio Japanesch studéiert. Duerno, vun 1987 bis 1990, huet hien Theologie op der Sophia-Universitéit zu Tokio an op der Philosophesch-Theologescher Héichschoul St. Georgen zu Frankfurt/Main studéiert. Säin Ofschlossmemorandum handelt iwwer „Das Konstantinopolitanische Glaubensbekenntnis: Eine Textuntersuchung." Den 21. Abrëll 1990 ass de Jean-Claude Hollerich zu Bréissel zum Priester geweiht ginn. Vun 1990 bis 1994 huet hien des Weideren Germanistik op der Ludwig-Maximilian Universitéit München studéiert an huet gläichzäiteg pastoral Aufgaben an der Priesterausbildung zu Lëtzebuerg iwwerholl.



*(Foto: Marc Wilwert, © Luxemburger Wort)*

1994 gouf de Jean-Claude Hollerich Léierbeoptraagten an 1999 bäigeuerdente Professer op der Sophia-Universitéit zu Tokio. Vun 1998 bis 2001 wor hien Aumônier vun der däitschsproochеger Gemeinschaft zu Tokio. 2001 huet de Jean-Claude Hollerich e Sabbat-Jor geholl, fir zu Bonn um Europa-Institut ze studéieren. Vun 2003 bis 2006 wor hien Direkter vum kathouleschen Institut op der Sophia-Universitéit Tokio, vun 2004 bis 2006 Supérieur vun der Jesuite-Gemeinschaft zu Komaba, Tokio.

2005 gouf de Jean-Claude Hollerich zum Generalsekretär vun der japanescher Kierch fir de Weltjugenddag zu Köln ernannt, 2006 zum Professer fir Europa-Studien op der Sophia-Universitéit Tokio. Vun 2006 bis 2008 wor hien Supérieur vun de Jesuiten an der Ausbildung an der Provënz Japan, 2007 gouf hien Direkter vun der Abteilung Deutschstudien an dem Europa-Institut op der Sophia-Universitéit an 2008 Rektor vun der Jesuitegemeinschaft op der Sophia-Universitéit a Vizepresident vun der Universitéit.

***D'kathoulesch Aktioun schléisst sech de ville Gratulanten un a félicitéiert dem Mgr. Jean-Claude Hollerich zu senger Ernennung zum neien Erzbëschof vu Lëtzebuerg.***

*Grupp Zuucht*

# 15. Concours du Meilleur Jeune Présentateur

Der 15. Rinderzuchtwettbewerb der Arbeitsgruppe Zuucht der Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer fand im Rahmen der diesjährigen Foire Agricole am 3. Juli 2011 im Convis-Ring statt.

## *Die Gewinner*

***Gruppe Junior:*** Altersgruppe der 5- bis 7-jährigen

1 Robin Antony
2. Clothy Christophory
3. Charel Laugs

Weitere Teilnehmer dieser Gruppe: Isa Lech, Lexy Mathay

***1. Gruppe Medium:*** Altersgruppe der 8- bis 11-jährigen

1. Philip Thein
2. Nadine Antony
3. Lily Christophory

Weitere Teilnehmer dieser Gruppe: Mike Vaessen, Nora Flamang, Marie Vaessen, Lissy Mathay

***2. Gruppe Medium:*** Altersgruppe der 12- bis 16-jährigen

1. Lisa Besch
2. Vicky Vaessen
3. Lena Flammang

Weitere Teilnehmer dieser Gruppe: Christophe Thein, Laurent Laugs, John Feinen

### *Gesamtklassement der Medium-Gruppen:*

1. Philip Thein
2. Lisa Besch
3. Vicky Vaessen

***1. Gruppe Senior:*** Altersgruppe der 17- bis 18-jährigen

1. Jo Leytem
2. Sara Bosseler
3. Daniel Meisch

Weitere Teilnehmer dieser Gruppe: Lynn Jacobs, Claudine Bernard, Xavier Reiff, Pit Zeimes, Pol Thelen, Pierre Laugs, Jeanne Lux

***2. Gruppe Senior:*** Altersgruppe der 18- bis 24-jährigen

1. Laure Scholtus
2. Stéphanie Alves
3. Pit Bosseler

Weitere Teilnehmer dieser Gruppe: Liz Besenius, Nadine Marnach, Joé Schweigen, Tun Loutsch, Chris Leytem, Jacques Bernard

### *Gesamtklassement der Senior-Gruppen:*

1. Laure Scholtus
2. Stéfanie Alves
3. Pit Bosseler

### *Internationale Gruppe*

1. Laure Scholtus (LUX)
2. Jason Zimmermann (USA)
3. Dorothe Derboven (GER)

### *Bester Tiertyp*

AB Fenny

V: Jerudo, M: AB Flora, MV: Advent Red

Geboren: 18.03.11

Besitzer / Züchter: Nico Antony-de Fouw



*Grupp Zuucht – Präsident Christophe Majerus*

### *Unsere Sponsoren*

*Banque Raiffeisen, Luxembourg*
*Convis, Ettelbrück*
*Ets. Guy Schuh, Colpach-Bas*
*I.B.B. Baugesellschaft, Fischbach*
*LSG – Luxemburger Saatbaugenossenschaft, Mersch*
*Melk-Zenter S.A., Angelsberg*
*MSD Construction, Troisvierges*
*Nordparts – Pol Binsfeld, Feulen*
*Nouvelle Aliment Central, Mersch*
*Nouvelle Fiduciaire Réiserbann, Berchem*
*Procola, Mertzig*

**Die Arbeitsgruppe Zuucht der Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer bedankt sich recht herzlich bei allen Sponsoren für deren tatkräftige Unterstützung!**





*Die Gewinner des diesjährigen CMJP wurden von Landwirtschaftsminister Romain Schneider und dem CONVIS-Vorsitzenden Louis Boonen beglückwünscht*

# Foire Agricole fir Kanner a Jugendlecher

Zu den Aktivitéiten vun der Lëtzebuerger Landjugend – Jongbaueren a Jongwënzer zielt déi alljärlech Bedeelegung un der Foire Agricole zu Ettelbréck, wou si fir den Accueil an d'Féierung vun de Grondschoulklassen aus dem Land zoustänneg sinn.

Ronn 2.500 Schüler sinn e Freideg, den 1. Juli 2011 an den Däichwissen am Zelt vun eisen Associatioune vum Anne Bossers an sénger Equipe empfangen an un eng Hellewull Atelieren weidergeleet ginn. Dem Léierpersonel gouf am Virfeld vun der FAE d'Geleeënheet gebueden, fir sech a verschidden Atelieren anzeschreiwen, déi vun de Partner vun der FAE an Zesummenaarbecht mam Organisator ausgeschafft goufen. An den Atelieren „Den Bauernhof mit allen Sinnen erleben", „Milch aus Gras", „Willkommen im Innern des Pferdes" a „Fleissige Bienchen" ass de Kanner d'Méiglechkeet gebuede ginn, fir d'Landwirtschaft, de ländleche Raum an d'Natur mat all hiren Diversitéiten ze erliewen.

Och konnten si hir Fähegkeeten beim Kachen (Kids Kochstudio), beim Baken (Backe, backe Kuchen) oder bei der Holzveraarbechtung (Den Naturwerkstoff Holz verarbeiten) ënner Beweis stellen. Um Kübi-Héichseelgaart war Courage verlaangt. Intressant a spannend Spillaktiounen gouf et fir déi ganz Kléng am Spillmobil. Déi grouss Schoulkanner hunn d'FAE mat Hëllef vun engem GPS entdéckt (Geocaching). Jeeweils 16 Membere vun der LLJ – JB&JW stungen de Klassen moies a mëttes fir d'Visite guidée vun der FAE zur Verfügung.

Niewent de Grondschoulklassen, huet sech d'8MO2 aus dem Lycée Technique vu Bouneweg op de Listing vun den Atelieren ageschriwwen. Am Virfeld vun der Visite hunn si – zesumme mat hirer Léierin, Mme Lydie Gaspar, an der Educatrice graduée, Mme Désirée Friden – e Froebou ausgeschafft, fir Informatiounen zum Bauereberuff aus éischter Hand vun engem Bauer ze kréien an duerno am Cours ze verschaffen. De Bill Glesener, e jonke Bauer vu Éilereng, huet sech spontan bereet erklärt, fir op d'Froe vun de Schüler anzegoen. Eis Lieser fannen hei den Interview, deen d'Léierpersonal aus dem LTB äis fréndlecherweis weidergereecht huet:




*Vollen Asaz gouf dee ganzen Dag iwwer vun de Memberen vun der LLJ an de LJB&JW verlaangt – beim Accueil …*



*… a während de Féierunge vun de Schoulklassen*

## „Mäi Beruff – intressant a villsäiteg"

***Argezon:*** Moien Här Glesener. Mir si frou, datt mir haut hunn dierfen heihi kommen, fir en Interview mat Iech kënnen ze maachen.

***Noé:*** Virwat sidd Dir Bauer ginn? Wat gefällt Iech um Beruff vum Bauer?

***Bill:*** Meng Elteren haten e Bauerebetrib. Vun Ufank un huet mir dee Beruff Spaass gemaach.

***Edmilson:*** Wéi ass den Dagesoflaf vun engem Bauer?

***Bill:*** Je nodeem wéi d'Wieder ass, huet de Bauer e regelméissegen an onregelméissegen Dagesoflaf. All Moien an Owend ginn d'Kéi gestrach a gefiddert. Am Summer sinn d'Kéi op der Wiss, do brauchen se net gefiddert ze ginn. Ausserdem muss ëmmer nom Véi gekuckt ginn, ob se all gesond sinn. Am Fréijoer fänke mir un d'Gras ze méien. Déi Deeg wou d'Gras erageholl gëtt, si méi aarbechtsintensiv. Duerno gëtt de Mais gesat, da gëtt e puer Deeg heidru geschafft. Iwwer de Summer schaffe mir am Hee. Uschléissend geet et lass mam Mähdrescher. Am Hierscht ginn d'Stécker ageséit, fir d'nächst Joer Kären ze hunn.

***Maxime:*** Wat muss ee gutt kënnen als Bauer?

***Bill:*** Als Bauer schafft ee mat Déieren a mat Planzen, et muss een e breetgefächert Wëssen hunn. Wann eng Kou krank ass, da muss ee sech ëm déi këmmeren. Et muss ee wësse, wéi d'Planze gesat a gedüngt ginn. Wann eppes un enger Maschinn ass, da muss een déi flecke kënnen.

***Telmo:*** Wat maacht Dir am léifsten?

***Bill:*** Am léifste schaffen ech mam Véi, z.B. Kéi sträichen. Am Ackerbau schaffen ech och gäer. De Beruff ass interessant well e villsäiteg ass.

***Linda:*** Wat fannt Dir am ustrengendsten? Wat ass am schwéiersten?

***Bill:*** Wa gutt Wieder ass, ass extrem vill Aarbecht an dat ass ustrengend. Ustrengend



*Mat vill Geschéck ass de Bill Glesener op d'Froe vun deene Jonken aus dem Lycée Technique vu Bouneweg agaang*

ass et och wa vill Kéi krank sinn, z.B. am Fréijoer wann d'Grippen ënnert de Kaalwer sinn. Bürosaarbecht maachen ech net esou gäer.

***Jessica:*** Op wat muss een am Beruff oppassen? Wat ass geféierlech?

***Bill:*** Et ass näischt ganz geféierlech, et muss ee just oppasse wann ee mat den Déieren an de Maschinne schafft. Eng Kou kann een ëmmer mol stoussen, dofir soll ee mat Respekt mat de Béischten an de Maschinnen ëmgoen.

***Marcio:*** Wéi sinn Är Aarbechtszäiten?

***Bill:*** 356 Deeg am Joer ginn d'Kéi all Moien an all Owend gestrach, egal wéi e Wieder a wéi e Feierdag ass. Moies ginn d'Kéi an de Stall geholl a gestrach. Duerno ginn d'Kaalwer gefiddert. Um 10 Auer ass d'Stallaarbecht fäerdeg an da gëtt z.B. am Hee geschafft. Dobaussen op de Stécker gëtt geschafft, z.B. useien, düngen. No der Mëttesstonn, gëtt no de Béischte gekuckt. Owes nom Sträichen a Fidderen ass de Schaffdag eriwwer. Mir fänke moies um 7h30 un a schaffe bis 20h.

***Ylenia:*** Schaffen och Fraen am Beruff?

***Bill:*** Jo et schaffen och Fraen am Beruff, awer et ginn der ëmmer manner. Déi meescht Betriber si Familljebetriber, wou d'Fraen och matschaffen. Doniewent ginn et awer och Fraen, déi de Beruff eegestänneg ausüben.

***Igor:*** Mat wéi enge Maschinne schafft e Bauer?

***Bill:*** Fir all Aarbecht brauch een eng aner Maschinn, wéi z.B. Sträichmaschinn, Méimaschinn, eng Maschinn fir d'Gras auserneen ze maache fir ze dréchnen, eng Maschinn fir Stréi ze maachen, Plou, Séimaschinn. Verschidde Maschinnen hu mir net selwer, mä déi léine mir aus, wéi z.B. de Mähdrescher, eng Maschinn fir ze drechselen an ze dreschen.

***Paulo:*** Wéi eng Felder hutt Dir?

***Bill:*** D'Halschent vun eise Stécker ass Grénglan, wat mir hale fir d'Kéi ze fidderen. De Rescht ass Geescht (Gerste), Weess, e bëssen Huewer, Mais – a mir maache Feldfudder, wat fir ze méien ass. Mais, Geescht an Huewer gëtt geholl fir d'Kéi ze fidderen. Aus dem Geescht gëtt awer och Béier gemaach. 10 ha Weess gi benotzt fir d'Klengbettener Millen, fir Produit du Terroir, wat als Broutweess benotzt gëtt.

***Rachelle:*** Wéi laang dauert de Kaarschnatz?

***Bill:*** De Kaarschnatz ass dee Moment wou gedresch gëtt. Dat, wat een am Moment giel op de Felder gesäit ass Geescht.




*Niewent dem Encadrement vun de Schoulkanner war vill Organisatiounstalent vun de Memberen aus dem Aarbechtsgrupp FAE gefuerdert*

**De Grupp Zuucht vun de Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer**

invitéiert ganz häerzlech op de

## 29. Concours du Meilleur Juge

**e Samschdeg, den 3. September 2011 um 20:00 Auer um landwirtschaftleche Betrib Marc VAESSEN-BASTIN rue Hohl, L-9466 Weiler (Pütscheid).**

D'Dresche vum Geescht dauert eng Woch. D'Eranhuele vum Weess dauert 2-3 Wochen, wa gutt Wieder ass. Wa schlecht Wieder ass, kann net gedresch ginn. D'Dauer vum Kaarschnatz hänkt ëmmer vum Wieder of.

***Junior:*** Wéi eng Déieren a wéivill Déieren hutt Dir?

***Bill:*** Mir hu Mëllechkéi a Limousinen. Iwwer 100 Kéi sinn et am Ganzen, wouvun ongeféier 30 Kéi gestrach ginn. Ëm déi 25 Kéi si jonk Kéi déi innerhalb vun deenen nächsten 2 Joer kaalwen. 40 Limousinkéi si fir d'Fleeschzuucht.

***Johny:*** Wéi gëtt e Källefche gebuer?

***Bill:*** Fir d'éischt geet d'Kou bei de Stéier. D'Källefche gëtt mat de viischte Féiss no vir gebuer. De Kapp läit uewendrop. D'Gebuert dauert e puer Stonnen.

***Noé:*** Wéivill Källefcher kann eng Kou kréien?

***Bill:*** Eng Kou kann al ginn a vill Kaalwer kréien, 14-15 Stéck. D'Kéi ginn awer net esou laang gehal well d'Leeschtung dann net méi esou héich ass a si net méi esou vill Mëllech ginn. Eng gutt Mëllechkou ka 6-7 Kaalwer, d'Fleschkéi kënne 9–10 Kaalwer kréien. Duerno ginn d'Kéi geschluecht. Eng Kou brauch 2 Joer bis si dat éischt Kallef ka kréien. Si kritt pro Joer ee Kallef.

***Maxime:*** Wat a wéivill iessen d'Kéi?

***Bill:*** D'Mëllechkéi friesse Gras, Mais a Stëpp (= gepresste Fudder aus Kären a Soja).

***Jessica:*** Ass et schwéier d'Kéi ze sträichen?

***Bill:*** Et ass net schwéier. D'Kéi komme quasi selwer an de Sträichstall. Et deet den Déieren net wéi wann si gestrach ginn.

***Chris:*** Wéi al gëtt eng Kou?

***Bill:*** Tëschent 8 an 12 Joer ginn d'Kéi geschluecht. Vun Natur aus géinge si awer méi al ginn (15–20 Joer). E Bauer hält keng Kou bis zum Schluss.

***Argezon:*** Wéivill verdéngt de Bauer wann eng Kou geschluecht gëtt?

***Bill:*** Dat wat de Bauer fir eng Kou kritt, sëtzt sech zesummen aus dem Kilo an dem Präis (Kilo x Präis). Al Mëllechkéi sinn net esou vill Wäert wéi e schéine Limousinstéier.

***Igor:*** Ginn et vill Aarbechtsplazen ?

***Bill:*** Aarbecht ass genuch do, et gëtt een awer net gutt bezuelt.

***Vera:*** Kann een och Bauer ginn, wann et an der Famill nach kee Bauer gëtt?

***Bill:*** Dat ass ganz schwéier.

***Johny:*** Wéi eng Ausbildung kann ee maache fir Bauer ze ginn?

***Bill:*** Et geet een no der $9^{e}$ op Ettelbréck fir 3–4 Joer an de Lycée Technique Agricole. Et kann een duerno nach op eng Uni goen, fir Landwirtschaft ze studéieren. Et gëtt keng Meeschterprüfung.

***Paulo:*** A wéi enge Fächer muss ee gutt sinn?



*Um Iess- a Gedrénksstand hunn déi Jonk aus eise regionale Gruppen duerfir gesuergt, datt kee vun de Visiteuren hongreg oder duschtreg heem gaangen ass*

***Bill:*** Et muss ee gutt sinn an der Déierenzuucht, am Planzebau an am Maschinnebau. Et léiert een och Mathé, Chemie a Physik.

***Rachelle:*** Wéi al muss ee si, fir Bauer ze ginn?

***Bill:*** Wann een eng $12^{e}$ mécht, dann huet ee 17-18 Joer. Duerno muss een 2 Joer doheem am Betrib schaffen, éier een de Betrib selwer iwwerhuele kann.

***Linda:*** Kann een e Stage bei Iech maachen?

***Bill:*** Et gi Bauerebetriber déi Stagiären huelen. Dat si meeschtens Baueren aus dem Ausland, déi hei an de Stage kommen.

***Telmo:*** Wéi eng Krankheete verhënneren d'Ausbildung zum Bauer?

***Bill:*** Allergie op Kouhoer oder Stréi ass net förderlech an der Landwirtschaft. Et muss ee kierperlech fit sinn.

***Junior:*** Kann ee säi ganz Liewen am Beruff schaffen?

***Bill:*** Jo!

***Ylenia:*** Verdéngt ee vill Suen als Bauer?

***Bill:*** D'Zäite sinn net roseg. Dee Beruff muss een aus Iwwerzeegung maachen.

***Argezon:*** Mir soen Iech villmools Merci, datt dir Iech Zäit, fir äis geholl hutt. Mir wënschen Iech nach e schéinen Dag.



Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer – Service Coopération a.s.b.l.

# Ënnerstëtzung vun der Kooperatiounsaarbecht an Afrika






Am Kader vun der Foire Agricole 2011 huet den Här Henri Noesen, Direkter vun der ***Saatbaugenossenschaft*** an de Christian Hahn, President vun de ***Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer*** dem Här Deche Leo Wagener, President vun der ONG, e Scheck am Wäert vu 700 € iwwerreecht. Dës Zomm ass d'Resultat vun der gudder Zesummanaarbecht vun deene béid Associatiounen op der FAE 2010.



Am Stonnentrakt huet ***d'Administration des Eaux et Forêts*** Brennholz zu Gonschte vun der Entwécklungszesummenaarbecht während der FAE 2011 versteet. Déi impressionnant Zomm vu 6.585 €, déi bei dëser flotter Aktioun zesummekomm ass, fléisst integral an eis Kooperatiounsaarbecht an Afrika.




Während hirer dësjäreger Generalversammlung, hunn d'Verantwortlech vun de ***Fraen a Mammen vu Mäertert,*** de Vertrieder vun der ONG – dem Här Deche Leo Wagener a Franz Glodt – den 12. Juli 2011 e Scheck am Wäert vun 2.000 € fir d'Kooperatiounsaarbecht vun de LJB&JW iwwerreecht. Och un den Här Paschtouer Roger Geimer ass e Scheck vun 2.000 € gaang, fir den Ënnerhalt vun der Kierch.

---

Bei Geleeënheet vun hirem 50. Gebuertsdag hunn d'***Madame Jeanny Kayl-Noesen*** vu Remerschen, resp. den Här ***Charel Wildgen*** vu Fennéng op Cadeaue verzicht an d'ONG mat Done vu 700 €, resp. 3.000 € bedueecht.

---

Der Famill vun der verstuerwener ***Madame Elise Weber-Scholer*** vun Habscht dréckt de Verwaltungsrot säi chrëschtlecht Bäileed aus. D'Famill huet an hirer Trauer duerch hire gegeneréisen Don, en Zeeche vun Hoffnung fir aarm Bauerefamilljen an Afrika gesat.

**All dës Initiativen zu Gonschte vun der mannerbemëttelter Landbevölkerung am Burkina Faso an am Cameroun verdéngen eisen déifste Respekt an e ganz grousse MERCI!**